N°3731
Entrée le 05.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.03.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus weiderzeleeden:

„Wéinst der zolitter Präishausse bei Pëtrol a Gas, huet déi däitsch Regierung d'Kartellamt chargéiert fir ze préiwen, ob d'Konzerner hei net vun der Situatioun profitéiere fir ongerechtfäerdegt Profitter ze maachen.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus follgend Froe stellen:

1. Wéi schätzt den Här Minister déi kuerzfristeg Entwécklung um Gas- a Pëtrollsmaart an?
2. Wéi bewäert den Här Minister d'Decisioun vun der däitscher Regierung, fir d'Kartellamt mat enger Préiwung ze beoptragen?
3. Wéi kéint sech d'Hausse vun de Präisser vum Pëtrol a vum Gas an Däitschland op déi lëtzebuergesch Präisser auswierken?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu